

Et soll zesummekommen, wat zesumme gehéiert!

Zanter enger Rei Jore schonns gëtt et um nationalen Niveau Bestriewungen, déi sëllege (kleng) Landgemengen zum Fusionéieren ze beweegen, mam Zill, datt de Ministère de l'Intérieur dës Gemenge besser geréiere kann. Dozou war ënnert dem Minister Halsdorff esouguer d'Iwwerleeung opkomm, Gemengen (noutfalls) zwangszefusionéieren – eng Iddi, vun der den Inneministère awer zum Gléck, fir all Concernéiert, nees ofgesinn huet.

An enger Rëtsch Gemengen ass allerdéngs **de Gedanken un eng Fusioun** mat dem engen oder aneren Noper net komplett aus de Käpp vun de Gemengeresponsabele verschwonnen, esou och net bei eis.

Zanter längerem schaffe Groussbusser a Waler schonn an enger Rëtsch vu Beräicher zesummen an esou gouf 2019 d'Fro vum Minister Kersch, ob Wal a Groussbus sech eng **Fusioun kéinte virstellen**, vun de Gemengeneltere vu béide Gemengen, gären affirmativ beäntwert.

Esou koum et, datt och mir Gemengeréit mat deem Thema an enger Rei vu Workshope konfrontéiert goufen an och mir eis hu misse froen:

Fusioun – jo oder nee

Falls jo – firwat?

Mir dräi sinn der Meenung, datt dës Fusioun gutt a richtig ass fir eis béid Gemengen an dëst aus enger Rei vu Grënn:

1. Kleng Gemengen si **finanziell** net méi an der Lag, hire Bierger déi Servicer unzebidden, déi ee sech am 21. Joerhonnert vun enger Gemeng erwaarde kann.
2. Eng Fusioun erlaabt et all eise Servicer, ob administrativen oder techneschen Déngscht, sech nei an **méi effizient, zweckgebonden opzestellen** – a sollt ee vun eise Bierger fäerten, hie géing no der Fusioun kee méi „op der Gemeng“ kennen – maacht iech do keng Suergen, eist Personal aus béide Gemenge bleibt erhalen, Dir léiert nure nach nei, fein a gutt Mataarbechter kennen!
3. Duerch dës nei Opstellung ass et och dran, iech all **besser Servicer** kënnen unzebidden a besser **op d'Besoine vun eise Matbierger anzegoen**, ë.a. duerch besser Öffnungszäite vun de Büroen – et ass net méi zäitgeméiss, datt een op enger klenger Landgemeng nuren zu bestëmmten Deeg, resp. Auerzäite kann op d'Gemeng goen, wann een eppes brauch. Dës nei Auerzäite ginn awer nuren duerch d'Fusioun, resp. D'Verdueblung vum Personal erméiglecht!
4. No der Fusioun steet eis nei Gemeng awer och **politesch méi staark** do am Kanton Réiden – aus der klengster (Wal), resp. zweetklengster Gemeng (Groussbus) aus dem Kanton gëtt duerch d'Fusioun déi véiertgréisste Gemeng am Kanton Réiden – an domadder kréie mir en wäit aus méi grousst politescht Gewiicht am Kanton!
5. Och **um soziale Plang** gi mir gestärkt aus der Fusioun eraus, z.B. wat Zuel u Better am Altersheem ugeet oder d'Méiglechkeeten, neie soziale Wunnraum ze schafen.

6. Mir kënnen zesummen och **eise Veräiner besser hëllef**, z.B. wat Proufsäll oder Stockageméiglechkeete vun hirem Material ugeet.

Dofir, **am Team si mir méi staark** – kommt a gitt mat eis op dëse Wee!



Anne Steichen
Conseillère Groussbus



Fos Schuster
Conseiller Groussbus



Marc Witkowsky
Conseiller Wal

© Foto: Jemp Tholl, Groussbus